HELPERKNAPP
Eng Gemeng mat Aussiicht

Commission de la circulation du 09.02.2023

Ufank 19h30

1. **SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE**

8/13 membres présents : Jean-Jacques BUTTEL, Patrick EVERARD, José FERNANDES, Gilles KLEIN, Patrick KRAEMER, Patrick CINCIS, Marc BUCHLER, Serge VAN KAUFENBERGH

4/13 membres excusés: Ben BAUS, BISENIUS Jean-Claude, Rick EDERT, Manou PETRY

1/13 membres non excusé: Marc HOFFMANN,

Président de la séance: José FERNANDES **Sekretär :** Patrick EVERARD

2. **VALIDATIOUN VUM RAPPORT VUN DER LESCHTER VERSAMMLUNG**

Den Rapport vun der Versammlung vum 05.10.2022 gëtt eestëmmeg ugeholl.

3. **BROUCH: KRÄIZUNG N8 – RUE DU VILLAGE**

Op der Kräizung vun der rue du Village an der N8 ass den Lenkradius vun den Busser ganz ongënschteg berechent gin. Souwuel beim erafueren an d'rue du Village, wéi och beim rausfueren mussen d'Busser iwwert d'Spuer vum Géigeverkéier fueren. Wenn een anert Gefier bei der Fuerbunnmarkéierung an der rue du Village steet fir ofzebéien, kënnt den Bus net an d'Strooss ran. Am initialen Projet war d'Markéierung méi wäit no hannen an der rue du Village agezeechent.

D'Kommissioun weis drop hin dëst ze préiwen an, wenn et méiglech ass d'Markéierungen an d'Beschëlderungen unzepassen, fir dës Geforesituatioun ze entschäerfen.

4. BROUCH: ZONE 30 RALENTISSEUR BACS A FLEURS

Zu Brouch sinn an verschiddenen Stroossen Blummebacken laanscht Strooss opgestallt. Kommen déi rëm op hier initial Plaz zréck oder gin déi duerch anerer ersat? *(Kuerz der Reunioun vun der Verkéierskommissioun, vum 09.02.2023, goufen d'Blummebacken op hier initial Plazen zréck gesat.)*

5. PARKING: WËLL PARKEN

D'Kommissioun weist drop hin dass an den eenzelen Dierfer, vill Gefierer op ëffentlechen Parkplazen ofgestallt sinn an dës op laang Zäit blockéieren. Ënnert anerem sinn et vill Camper an awer och vereenzelt Autoen oder Remorquen déi länger Zäit op den selwechten Stellplazen stinn. Gëtt et am neien Verkéiersreglement een Artikel deen d'Notzung an d'Dauer vun der Notzung Reglementéiert?

6. „ZESUMME SPUEREN – ZESUMMEN HALEN": ZWESCHEND 1H00 AN 5H00 GËT D'ËFFENTLECH STROOSSEBELIICHTUNG AUSGESCHALT

D'Kommissioun begréisst d'Spuermoossnamen an et ass och festzehalen dass an der betraffener Zäitspan zweschend 1h00 an 5h00 bal keen sech am ëffentlechen Raum ophält.

Fir déi Persounen déi, (zemools wärend dem Week-end) awer an der Nuecht mussen virun d'Dier goen, ass net déi beschte Léisung. D'Kommissioun stellt dohier d'Fro op et eng Alternativ wier, fir entweder d'Luucht ze dimmen, oder wenn et technesch Méiglech ass, just d'Kräizungen ze beliichten, soumat kéint een sech besser an der Nuecht orientéieren.

Een zweeten Punkt deen ze berécksiichtegen ass och d'Sécherheet. Engersäits fir déi Persounen di sech baussen mussen ophalen, an anerersäits stellt sech d'Fro op een et den Abriecher net nach méi einfach mécht onerkannt duerch d'Stroossen ze zéien.

D'Kommissioun géif och gären wëssen op et sech heibäi em eng temporär Mesure handelt, oder op dat lo dauerhaft wäert bléiwen.

7. VERSCHIDDENES

Déi nächst Versammlung ass op den 27. Abrëll 2023 fixéiert.

FIN 22h00